PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/12/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Energie weiderzeleeden.

De Präis vum Meter Cube Gas an deene leschte Méint rasant geklomment. Privat Consommateure mussen haut ëm déi 50% méi fir hire Gas bezuelen, wei nach am Januar 2021. Well d'Consommateuren oft awer nëmmen Avance bezuelen an dës net konstant ugepasst ginn, kann et sinn, dass d'Leit spéiderhin da beim Decompte eng vill méi héisch Rechnung kréien, wéi se dat an der Vergaangenheet gewinnt waren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. A wat fir Fäll passt ee Gasfournisseur seng Mensualitéite fir all seng Clienten un?
2. Ass de Minister der Meenung, dass all d'Gasfournisseuren net missten hir Clienten informéieren dass den Decompte fir 2021 mat un Sécherheet ugrenzender Warscheinlechkeet ee gutt Stéck méi héisch ausfale wäert an si gläichzäiteg nach eemol drop opmierksam maachen, dass si hir Mensualitéite kënnen eropsetzen?
3. Mat der Optioun "pay as you go" bitt Enovos senge Clienten vum Stroum un, fir direkt all Mount hir reel Consommatioun, méiglech duerch d'Dateniwwerdroung vum Smarty, ze bezuelen. Denkt de Minister dass esou ee Payement am 4 Wochen Takt op Basis vun der reeller Consommatioun och bei Gas méiglech kéint gemaach ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député